# DU

*a Gott*

# Du bass…

… ***him*** ze gräifen no.

Awer ***et*** ass net däint! Sou laang wéi dat esou bleift, bass du verluer. Du begéins ***et*** ëmmer rëm, awer du verdrängs ***et*** – an all Abschnëtt vun déngem Liewen…

# Du bass…

…ze jonk


Däi Liewen ass stänneg op der Sich no Erfëllung. Du gëss dech mat alle Mëttelen drun, dat richtegt Gléck ze fannen.

Däi Film vum Liewe leeft an du probéiers verzweifelt, deng Roll ze fannen – mee du weess ni, ob s du se iergendwann fënns.

No bausse gesäit et aus, wéi wann s du alles am Grëff häss.

***Awer an dir jäizt et…***





# Du bass…

…ze beschäftegt

Du rackers dech of, fir deng Ziler ze erreechen. Mol leeft et gutt an du kanns mat deenen Anere mathalen. Mee oft bass du onzefridden. Däi Liewen dréit sech ëmmer rëm am selwechte Krees – et hëlt keen Uecht op déng Virstellungen. Wann s de däi Liewe betruechts, frees du dech: „Ass dat wierklech alles?“ Mee ënnerlech weess de:

***Dir feelt eppes...***

# Du bass…

…ze al

Du hues däi Liewe mat alle Facetten erlieft. Du hues erkannt, dass de Mënsch net dat eedelt Wiesen ass, fir dat en sech selwer gär gesäit. D`Liewen huet seng Spueren bei dir hannerlooss. D´Kraaft léisst lues a lues no. Awer wat däi Liewe beräichert, hues du ni fonnt – du spiers et:

***Net méi laang, dann ass et riwwer!***



# ze spéit…

Dann ass d´Zäit ofgelaf, fir ***et*** unzehuelen. Mee haut nach offréiert eis Gott ***säi gréisst Geschenk*** un all Mënsch – och un dech! Du brauchs et. Well s du e Sënner bass! „Ech? E Sënner?“ – „Jo du!“ Gott seet:

**„well jiddereen huet gesënnegt an d´Herrlechkeet vu Gott net errecht…“** Réimer 3, 23

„Sënn? Lächerlech! Ech sinn zwar net ouni Feeler, awer bestëmmt kee schlechte Mënsch!“ Dat ass deng Meenung. Mee Gott gesäit et anescht. Hie kennt däi Liewe ganz gutt an hien huet mol net déi klengste Sënn iwwersinn. Wichteg ze wëssen: Souguer schlecht Gedanken nennt Gott Sënn. A Sënn trennt vu Gott. Hei an dengem Liewen an och duerno.




Gott ass gerecht. Awer well hien dech onendlech gär huet, mécht hien dir e mega ***Virschlag.***

Duerch säi Jong Jesus Christus huet hien deen eenzege Wee erschaf, op deem s du zu Gott komme kanns. Hie wëll eng lieweg Bezéiung zu dir ganz perséinlech kréien. Dat – an nëmmen dat – gëtt déngem Liewen e Sënn.

**„Gott huet der Welt seng Léift op dës Manéier gewisen: Hien huet säin eenzege Jong hierginn, fir datt jiddereen, deen un hie gleeft, net verluer geet, mee éiwegt Liewen huet.“**

Jean 3, 16



Virun iwwer 2000 Joer ass Jesus Christus op d’ Welt komm. Als Mënsch. Ouni Sënn. Trotzdeem gehaasst, veruecht a schliisslech um Kräiz verurteelt.

Eigentlech hätt et dech treffe missen. Awer well hien dech gären huet, dréit hien d´Strof an huet säi Liewen higi fir dech. Gott huet des Dot unerkannt an dofir Jesus vum Doud erwächt. Säi Graf ass eidel. Jesus lieft! Gott waart op dech. Komm bei hien. Bekenn him deng Sënnen, fir dass hien dech fräimaache kann. Hie seet:

**„Wa mir soen, mir hätte keng Sënn, da bedréie mir eis selwer an d´ Wourecht ass net an eis.“**

1. Jean 1, 9

Maach däin Häerz op fir hien. Du wäerts et ni bereien! Hie gëtt dir ënnerleche Fridden, Sécherheet an echt Freed.



# Et läit un dir!

***Huel säi Virschlag un.***
Wann s du ***et*** lo refuséiers, war et villäicht deng lescht Chance!

**„Sicht den Här, wärend hien sech fanne léisst! … Bekéiert iech zum Här, … well hien ass räich u Vergebung“.** No Jesaja 55, 6+7

**© 2024 by GBV Dillenburg GmbH**
Eiershäuser Straße 54
35713 Eschenburg
GERMANY

www.gbv-dillenburg.de
www.gbv-online.org

“Bibel fir Lëtzebuerg”, Copyright©2017 by Bibles International® USA

GBV 208 5530 You Luxembourgish